N°4544
Entrée le 28.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Bei der Erneierung vu Führerschäiner mussen d'Bierger:innen a verschiddene Fäll medezinesch Attester, Dokumenter an aner Pièccen areechen an och noreeche mussen, wann de Ministère dëst freet.

Wann esou Nofuerderunge kuerz virum Oflaf vum Führerschäi geschéien, kann dat fir déi betraffe Persounen zu enger onsécherer Situatioun féieren. Grad elo an der Summervakanz si vill Leit net am Land a riskéiere mat engem ofgelafene Führerschäin an hirer Vakanz ze stranden.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ginn d'Bierger:innen am Ufank vun der Prozedur systematesch an individuell doriwwer informéiert, wéi eng Dokumenter an Pièccen fir d'Erneierung vun hirem Führerschäin néideg sinn?
2. Wéi eng provisoresch Léisungen existéieren, wann e Führerschäin kuerz virum Oflaf steet an den Dossier nach net ofgeschloss ass, obwuel déi ugefrote Pièccen am Delai agereecht goufen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés